PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/01/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landwirtschaft, Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung & Konsumenteschutz weiderzeleeden.

A menger parlamentarescher Fro n°1403 hat ech déi zoustänneg Ministeren no Informatiounen iwwert geschossent Wëld-Fleesch gefrot. Aus der Äntwert op meng Froen erginn sech mir nei Froen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Op meng Fro, wéi laang een Déier nom Ofschoss ongekillt däerf leie bleiwen, äntwert d'Regierung:

   "Des Legislatioun gesäit awer keng fixe Delaie fir, wéini dass geschossent Wëld muss gekillt ginn."

   1. Ass et deemno méiglech, dass och ongekilltend Wëld-Fleesch an de Verkaf kënnt?
   2. Ass d'Killkette bei Juegdfleesch genau esou sécher, wéi um Bauerenhaff geziichtent Fleesch?

2. Op meng zweet Fro äntwert d'Regierung:

   "All d'Karkassen, déi an déi sougenannten "ateliers de traitement de gibier" vun de Jeeër geliwwert ginn, gi vun den Inspektere vun der Veterinärsinspektioun kontrolléiert, ier se als genusstauglich gestempelt ginn an dann an de Commerce kommen. Bei de Wëllschwäi ginn och nach Prouwe geholl, fir d'Analysen op Trichinen ze maachen."

   Opgeschlësselt pro Joer, wéi vill Analyse goufen an de leschten 3 Joer hei gemaach?

3. Op meng Fro iwwert d'Belaaschtung duerch Bläi, Dioxinen asw. äntwerten d'Ministeren

   "Wat d'Réckstann vu chemesche Substanze betrëfft, ginn all Joer eng Rei vun Analysen am Kader vun engem Kontrollplang, dee vun enger europäescher Direktive virgeschriwwen ass, gemaach. D'Zuel vun den Analysen an d'Substanzen, déi ënnersicht ginn, kann een am Rapport

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

annuell vun der Veterinërsinspektioun noliesen."

Wéi vill Prozent vum Wëld-Fleesch, dat an de Verkaf kënnt, gëtt dësen Analysen ënnerzunn?

4. Wéi d'Ministere schreiwen, kann een d'Zuel vun den Analysen an d'Substanzen, déi ënnersicht ginn, am järleche Rapport vun der Veterinärsinspektioun noliesen. De leschte Rapport, deen een um Site vun der Regierung fënnt, ass aus dem Joer 2016. Existéiere Rapporten aus de leschten 3 Joren a falls jo, wou kann een dës fannen?

5. Am Rapport vun 2016 goufen 100 vun 100 Wëld-Analysen positiv op B3c (Métaux Lourds) getest.
   - Ëm wéi eng en Schwéiermetaller handelt et sech genau?
   - Ab wéi engem Schwellewäert ass de Konsum vu B3c bedenklech fir d'Gesondheet vum Mënsch a wat de reellen Taux bei den Analysen?
   - Ab wéi enge Konzentratioune schwätzt ee vun enger signifikativer Belaaschtung bei de jeeweilege Réckstänn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député